

# Vu Wëllbeien an Harespelen Eko-ethologesch Beobachtungen zu Lëtzebuerg

Virtrag vum Nico Schneider  
Dënschdeg, 21. Abrëll 2020 um 18.30 Auer

## iwwer eng Live-Zouschaltung via Internet

### Inhalt

Am Virtrag gi Wëllbeien- an Harespel-Aarte virgestallt, déi a Fielsen, Maueren, Holz, Schleekenhaisercher an op sëllegen onerwaarte Plazen nisten. Am Mëttelpunkt sinn dësen Insekten hiert Verhalen, hir Näschter, hir Relatioun zum Substrat, an deem se nisten, hir Parasitten an aner Locatairë vun hiren Näschter. Um Beispill vun enger Beiefamill gëtt den aktuellen Zoustand vun de Wëllbeien zu Lëtzebuerg opgezeecht an iwwer Mesuren nogeduecht, déi den Aarteschwund bremse kënten.

### De Referent

De Nico Schneider beschäftegt sech zënter ville Joere mat de Wëllbeien, Galen an aner Insektgruppen. Hien ass Auteur vu villen Artikelen, engem Buch a laangjäreg Member vun der SNL souwéi wëssenschaftleche Mataarbechter vum MNHNL.

### Live derbäi sinn

De Virtrag gëtt online gehal an Dir kënnt live vun doheem aus derbäi sinn!

Dat ass ganz einfach: Dir musst lech just bis den 21. Abrëll 2020 um 17 Auer iwwert de Link hei [https://zoom.us/webinar/register/WN\\_tLhCDhNoQt2w5GZ2RTdKKg](https://zoom.us/webinar/register/WN_tLhCDhNoQt2w5GZ2RTdKKg) registréieren an lech da pünktlech ab 18.20 Auer zouschalten. De Link ass gültig fir déi éischt 100 Aschreiwungen. De Virtrag gëtt och live op der Facebook-Säit vum 'natur musée' <https://www.facebook.com/naturmuseelux> iwwerdroen. Hei ass keng Registréierung néideg.



Gälleknaapp-Seidebei. Foto: J. Weiss.



Bourgade Seidebei. Foto: N. Schneider.

### Organisation

Société des naturalistes luxembourgeois - SNL ([www.snl.lu](http://www.snl.lu))

Musée national d'histoire naturelle - 'natur musée' ([www.mnhn.lu](http://www.mnhn.lu))

Veranstaltungsort: 'natur musée' - 25, rue Münster, L-2160 Luxembourg

